Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 26. Abrëll 2014

100 JOER
PEAUX - ROUGES
SCOUTEN / GUIDEN DIDDELENG

DE LEO EIFFES

An den batteren Krichsjoeren den 10. Februar 1941 zou Diddeleng gebuer koum den Leo als Wëllefchen Ufanks der 50er Joeren bei d'Peaux-Rouges. Vill Joeren war den "Léih" bei den Peaux-Rouges an wei et nett méi richteg am Groupe gelaf ass huet hien, deen duerch an duerch Scout wor, sech eng Zäit laang an den Gréngen Scouten zou Diddeleng engagéiert, awer ëmmer mam festen Wellen d'Peaux-Rouges erëm op d' Been ze kréien. Um Raid vun der FNEL 1984 gouf hien den Ustouss fir erëm richteg unzefänken an aus der klenger Käerz déi nach gebrannt huet erëm en grousst Feier ze maachen. Et wor keen méi frou wei den Leo wei dëst och nach gelongen ass an nach laang huet hien als Chef Versammlungen gehalen an Camps organiséiert. Iert hien an den Comité vun den Peaux-Rouges komm ass wor hien nach e puer Joer Assistent Chef de Groupe. Eis deemools Jonken huet hien ëmmer gesot "Holzauge sei wachsam" an wollt eis domatter mat op den Wee ginn dass mer ëmmer sollen no vir kucken an eis nie op dat verloossen wat schonn war mee no deem kucken wat nach kéim. Geschafft huet den Leo als éischt am Betrib vun sengen Elteren an dunn op der WSA. Bestuet wor hien mam Marguerite EMMERICH a Papp vum Remy an vum René. No kuurzer Krankheet huet den Leo eis den 6. Februar 2002 fir ëmmer verlooss.

****